International Philosophie Olympiad 2022 zu Lissabon

Déi International Philosophie Olympiade ass d'Highlight vum Joer fir begeeschtert SchülerInnen aus aller Welt, déi sech an der Disziplin vum kreativen an kriteschen Denken erausfuerderen wëllen.

Dëst Joer huet d'Final vun der 30ter Editioun vun der IPO (International Philosophy Olympiad) mat Participatioun vun ganzen 44 Länner zu Lissabon, vum 26ten bis den 29ten Mee, stattfonnt. Et war d'Geleegenheet fir Enseignantë an Schüler fir sech zesummen ze fannen an hir gemeinsam Leidenschaft ze deelen. An enger Marathonzäit vun ganzer 4 Stonnen hunn d'KandidatInnen zu engem vun véier philosopheschen Sujeten hiren Essay geschriwwen, den nodréiglech vun Enseignanten an Professeren gelies an bewäert ginn ass, fir doraus déi beschten Texter erauszewielen.

Lëtzebuerg war dëst Joer souwuel vum Pit GASPAR (LJBM) wei och vum Lavinia NEMES (LGL) vertrueden an konnt souguer op sech opmierksam maachen: déi 17 Joer jonk Schülerin Lavinia Nemes huet mat sengem Essay iwwerzeegt an huet eng Sëlwermedaille fir Lëtzebuerg gewonnen.

D' Kulissenthema vun dësem Joer war „Identitéit a Persoun", méi konkret goung et em d'Fro wouran dem Mënsch seng Identitéit besteet an wat „Identitéit" a „Persoun" bedeiten soll. SchülerInnen an d'Enseignante gläichermoossen hunn sech zu dësem Thema ausgetosch, an hunn dozou un Virträg vun weltrenomméierten, kontemporänen Philosophen wei dem Susan Neiman, dem A. C. Grayling oder dem Stephen Law deelgeholl.

Nieft der philosophescher Aarbecht, huet de portugiseschen *Comité d'Organisation* ënnert der Präsidentschaft vum Manuel João Pires awer och sengen Gäscht een Programm ugebueden, fir eis déi portugisesch Kultur méi nozebréngen. Vun portugiseschen Philosophen an Literaten wei dem Fernando Pessoa, bis zu traditionellem Iessen a traditioneller Musek (Fado) an engem Concert vun der Band *Moonspell*, gouf eis ganz vill gebueden. Een touristeschen Nomëtten huet eis och erlaabt d'Haaptstad vun Portugal ze entdecken.

Insgesamt huet sech d' IPO erneit als Chance fir Jonker bewisen, sech intellektuell ze engagéieren, mee och am Vertruedensin vun villen Kulturen ze erkennen, dass et eng humanitär Grondlag gëtt, wou een sech géigesäiteg am Zeechen vum Weltfridden nolauschteren an verstoen kann. En groussen Merci geet un de portugiseschen *Comité d'Organisation* an d' Benevollen déi dat ganzt erméiglecht an ëmgesat hunn. 2023 erwaart eis dann och schonn déi nächst Editioun vun der IPO, déi an Griicheland mam Thema "A life in fair competition" Platz huelen wäert.

Communiqué vun der asbl Cercle de Philosophie,
zoustänneg fir d'Organisatioun vun der Luxembourg Philosophy Olympiad – LPO